



n° 3469

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Aff. Christian, 13:56, 18/01/2021

Lëtzebuerg, den 18/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Wéi an der Press ze liesen ass, fuerdert d' *National Highway Traffic Safety Administration* de Réckruff vu ronn 150000 Tesla-Autoen, bei deenen, wéinst engem Defekt um Bordcomputer, d'Sécherheetstechnik net méi funktionéiert. Wéi et heescht, ass och den Tesla S aus de Joren 2012 bis 2018 vun dësem Defekt betraff. D'Police zu Lëtzebuerg huet därer am Joer 2018 zwee Stéck kaf.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Goufen d'Tesla-Autoe vun der Police fir de Moment aus dem Verkéier gezunn?
2. Sinn d'Autoe vun der Police och vum Defekt betraff a wäerten dowéinst musse gefléckt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 18 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3469 du 18.01.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen -
Problèmes avec les voitures Tesla de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés